

patioun vun deene jonke Leit derbäi ass. Well nëmmen esou, soen d'Experten, kann eng Preventioun och effizient sinn.

Duerfir, Här President, hunn ech natierlech mat grousssem Intérêt d'Motioun, déi den Här Adam déposéiert huet, gelies. Ech muss soen, ech hätt léiwer eppes méi Konkretes gehat. «À faire élaborer un concept global de prévention, de gestion et de médiation dans le contexte des phénomènes de violence», dat schéngt mir immens vaste. Ech weess net, wien dat soll élaboréieren. Ech wär eigentlech méi frou gewiescht, wa mer méi e prezisen Optrag gehat hätten.

Ech mengen, d'Chamber ass selbstverständlech fräi ze maachen, wat se wëllt, mä wann ech déi Motioun hei misst exekutéieren a mat an d'Regierung huelen, wär ech net sécher, wat ech domadder misst maachen. Duerfir wär et vläicht gutt, d'Motioun vläicht eng Kéier an deene verschiddene Kommissiounen ze diskutéieren, fir hir déi néideg Prezisiounen ze ginn, fir dass d'Regierung och weess, wat se dann ze exekutéieren huet.

Dat ass meng Suggestioun. Ech gesinn dem Här Fayot säi Gesiicht. Dir kënnt se awer och oflehnen. Ech kann och domadder liewen.

(Hilarité)

Merci.

» **Une voix.**- Den Här Fayot kuckt ëmmer esou dran. Dat ass näischt Neies.

» **M. le Président.**- Merci, Madame Minister. Den Interpellant, den Här Adam, freet nach eng Kéier d'Wuert.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG), interpellateur.**- Här President, ech wollt just froen, ob ech net nach dierft kuerz Stellung huelen zur Motioun als Reaktioun op d'Madame Minister.

» **M. le Président.**- Selbstverständlech.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG), interpellateur.**- Här President, Madame Minister, wann d'Oppositioun proposéiert kritt, eng Motioun mat an eng Chamberskommissioun ze huelen, dann ass se eigentlech gutt beroden, si hëlt dat un. Ech wëll awer trotzdeem e klenge Kommentar dozou maachen.

Engersäits, Madame Minister, sot Der, et gëtt net eng Recette miracle. Mir hunn och bestëmmt net dervu geschwat, datt et déi géing ginn, an anerersäits hätt Der gär, datt mer lech géinge méi prezis eng Recette miracle presentéieren. Dat kënne mer net.

Déi Motioun hei ass am Fong geholl eng Motioun, déi zimlech genau dat erëmgëtt, wat mer am Joer 2000 schonn eng Kéier hei an der Chamber akzeptéiert hunn deemools, a wou mer awer gemengt hunn, mer wieren net genuch drop agaangen. Dir hutt eis als ee Beispill hei de Courrier de l'Éducation nationale - déi Broschür - gewisen; Éducation à la paix. Dat ass eng flott Broschür, mä datt ass awer eng Opleschtung. Do kann een awer net vun enger Strategie schwätzen. Wann ech och kucken, wéi d'Evaluatioun vun den eenzelne Projeten ass, fannen ech dat erstaunlech.

Dee Saz, wou mer eng national Strategie froen, deen ass aus deem Rapport hei, deen och vun der CSV-Vertriederin zitéiert ginn ass, nämlech «Violences et climat scolaires», wou et eng Konklusioun ass vun deenen zwee Wëssenschaftler, déi sech mam Sujet befaasst hunn. Déi schreiwen hei wuertwärtlech dran, an dee Symposium war Enn 2003: „Erforderlich ist, eine nationale Strategie zum Umgang mit schulischer Gewalt zu erstellen und zu etablieren.“

An dat ass am Fong geholl dat, wou mer mengen, datt et wichteg wier, datt mer eis och nach géinge Méi ginn. Ech hu selwer hei déi vill Efforten, déi gemaach ginn am Alldag, och ervirgestrach. Et ass kee Mënsch, deen dat bestreit. Trotzdeem menge mer, datt et un enger national kohärenter Virgehensweis feelt.

» **M. le Président.**- Merci, Här Adam.

Motion 1

Elo stëmme mer of iwwert d'Motioun.

Ass de Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

Da stëmme mer elektronesch of. De Vote fänkt un.

Vote

D'Motioun ass ofgelehnt mat 37 Nee-Stëmmen, 22 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Romain Schneider), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner.

S'est abstenue: Mme Vera Spautz.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zum éischte Projet de loi, dee mer haut den Owend um Ordre du jour hunn. Dat ass d'Diskussioun vum Projet iwwert d'Sécherheet am Prisong zu Schraasseg. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Bettel, Diederich, d'Madame Loschetter an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Clement. An där Sekonn selwer huet den Här Jaerling sech och ageschriwwen. Här Jaerling, Der wiert gutt, wann Der dem President dat géift matdeelen.

8. 5813 - Projet de loi relatif à la modernisation du dispositif de sécurité du Centre pénitentiaire de Luxembourg

Rapport de la Commission des Travaux publics

» **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, de Projet, deen ech lech elo presentéiere wäert, ass op Niklosdag 2007 vum Bauteminister, dem Här Claude Wiseler, deposéiert ginn. De Statsrot huet den 21. Dezember dozou säin Avis ofginn. De 15. Januar, also relativ schnell, hu mer an der Bautekommissioun a Presenz vum Justizminister Luc Frieden an dem Bauteminister Claude Wiseler de Projet an den Avis vum Conseil d'État en détail analyséiert. An därselwechter Sitzung sinn ech dann och zum Rapporteur genannt ginn. Den 21. Januar 2008 hu mer de virleiende Rapport zu dësem Projet dunn ugehall.

Här President, an dësem Projet geet et drëms, dem Stat d'Erlaabnis ze ginn, de Sécherheetsdispositif am Prisong zu Schraasseg ze moderniséieren. Dat initiaalt Konzept vum Prisong, deen elo geschwé 25 Joer um Bockel huet, staamt effektiv aus de 70er Joren. Och wann no den Evasiounen aus de Jore 95/96 a bei der Vergréisserung 2002 viles verbessert ginn ass, esou ass awer nach ëmmer op den éischte Modell - deem éischte Konzept also - weider opgebaut ginn.

Mir wëssen alleguer, datt et dréngend noutwendig oder néideg ass, um Site vu Schraasseg en neie performanten a moderne Sécherheetsdispositif ze installéieren, deen den Ufuerderunge vun haut gewuess ass. De Prisong soll, sinn ech der Meinung, keen Héichsécherheetstrakt ginn, mä et soll awer a sech e séchere Prisong ginn.

Ech denken, Här President, sinn déi Mesuren, wéi mer se haut am Projet virschloen, emol bis realiséiert, da kënnen Evasiounen oder Tentatives d'évasion a) besser an éischter détectéiert ginn, a b) och besser verhënnert ginn. Och wa verschidde Leit sech dat net esou kënne virstellen, esou brauch et dach enger fundamentaler Planung an Iwwerleeung, fir esou e Sécherheetskonzept vu Grond op ze erneieren oder op d'Been ze stellen.

Dat, wat elo um Pabeier steet, ass a sech d'Resultat vun Iwwerleeungen, déi am Laf vun de leschte Jore vum Justizministère zesumme mat der Prisongsdirektioun, de Bâtiments publics souwéi de Sécherheets-servicer an der Fonction publique ausgeschafft goufen. Des Weidere sinn nach Experten aus der Schwäiz vun der Risk Management AG zurot gezu ginn, fir datt een och sécher eng kohärent a systematesch Démarche suivéiert.

Et geet hei drëms, datt de Prisong mat deem méiglechst neitsten techneschen Equipement dotéiert gëtt.

Ech kommen elo kuerz zur Beschreiwung vum Projet selwer. Ech denken, et ass normal, datt am Projet selwer weider keng technesch Detailer opgefouert ginn. Vu datt aus evidente Sécherheetsgrënn dat net méiglech ass a sécherlech och net vun Notze wier, ginn aus deeneselwechte Grënn och keng Pläng am Projet opgezeechent.

Aus dëse Grënn erleien en Deel vun deenen neie Sécherheetsmesuren och net de Kritäre vun deenen übleche Marchés-publics-Ausschreiwungen. Fir genee ze sinn, sinn dat dräi Mesuren, déi ënnert dës Klausel falen. Et sinn dat de Brouilleur fir GSMen, d'Videoiwwerwaachung an d'Mesuren, fir Helikopterlandungen innerhalb vum Prisong onméiglech ze maachen oder ze verhënnere. An dësen dräi Fäll ginn d'Opträg iwwer e Marché négociéit verginn. Souwisou mengen ech handelt et sech heibäi ëm technesch esou spezifesch Mesuren an Installatiounen, datt just e puer weineg Four-nisseuren a Fro komme wäerten, fir dës Marchéen iwwerhaupt ze kréien.

Hei dann elo déi Haaptposte vun deem neie Sécherheetsdispositif. Éischtens emol d'Ersetze vun der baussenzeger Videoiwwerwaachungsanlag. Dës ass néideg, fir déi ganz Fläch vu 14 Hektar mat engem Bausseperimeter vu méi wéi 1.500 Meter optimal iwwerwaachen ze kënnen. Och hei ass Technik esou séier an esou schnell evoluéiert, datt dat, wat virun zéng Joer nach als neiste Stand vun der Technik ugesi gouf, haut iwwerholl ass an ausgedehnt huet. Ech perséinlech sinn der Meinung, datt et an zéng Joer nees nei Erkenntnisser an aner Techniken an dësem Domän gëtt, esou datt dann d'Politik sech wahrscheinlech erëm muss domadder befaassen.

Zweetens, d'Ersetze vun der Entréespaart fir d'Autoen. Déi gëtt u sech elo méi stabil gemaach, fir ze verhënnere, datt Autoen oder aner Gefierer einfach mat Gewalt kënnen doduerch an d'Enceinte vum Prisong rennen.

Drëttens, d'Ersetze vun der baussenzeger Sécherheetsclôture. Hei si fënnef Meter Héicht virgesinn, fir esou spektakulär Evasiounen wéi déi vum Mäerz 2003 oder Februar 2007 ze verhënnere.

Et ass derzou ze bemierken, datt d'Déngschtwunnenge vun de Gardienen net méi an d'Enceinte vum Prisong selwer kommen, wéi dat bis elo de Fall war, mä baussent déi nei Sécherheetsclôture kommen. Dat bréngt awer eng Modifikatioun vum Stroossentracé mat sech, fir bei dës Wunnengen iwwerhaupt ze kommen. Och dës Mesure ass u sech ze begrëssen, well et jo hei ënner anerem och ëm d'Sécherheet vun deene Famillje geet, déi an dësen Déngschtwunnenge wunnen.

Véiertens, d'Realisatioun vun engem Anti-Helikopterschutz. D'Experienzen, Här President, aus dem Ausland weisen oder hu gewisen, datt ee sech virun esou Fluchtversich schützen muss, an deemno ginn dräi vun deenen 12 Bannenhäff domadder versinn.

Fënneftens, d'Installatiounen vun engem Brouilleur fir Handyen. De Sënn an den Notzen heivunner läit mat Sécherheet op der Hand an ass och fir jiddferree kloer. An der Vergaangenheet sinn zwar schonns emol esou Anlage getest ginn, mä all Kéier als net ganz zefridde stellend befonnt ginn. Haut ass d'Technik verbessert ginn, esou datt ee kann dovun ausgoen, datt de System elo gräift, ouni awer - an dat ass jo u sech de Problem - den Handysgebrauch an den Nopeschgemengen oder an der Ëmgegend ze stéieren.

Sechstens d'Realiséierung vun enger ganzer Rei méi punktuellen Aménage-menter. Ech wëll se net alleguer opzielen,

just e puer als Beispill zitéieren. Et geet hei ënner anerem ëm d'Erhéijung vun der Clôture ronderëm de Sportsterrain souwéi d'Kreatioun vun engem Passage fermé et couvert tëschent deenen eenzelne Bléck, an dat Ganzt gëtt dann an enger metallener Struktur gemaach. Déi aner Mesuren an och den Detail vun deene bis elo genannte kënnt Dir am Text oder a mengem schrëftleche Rapport noliesen.

Här President, de Conseil d'État huet a sengem Avis d'Wichtigkeet an de Bien-fondé vun dëse Sécherheetsmesuren unerkannt, weist awer och drop hin, datt mat dësem Projet aner wichteg Projete vun der Politique carcérale net an d'zweet Rei däerfen delegéiert ginn.

Am Prinzip d'accord weist de Conseil d'État sech dermat, datt aus Sécherheetsgrënn dräi Mesuren net no deenen übleche Marchés-publics-Virschreiwunge sollen ausgeschriwwen ginn, mä iwwer Marché négociéi sollen ofgewéckelt ginn. E mécht heizou och d'Remarque, datt d'Gesetz iwwert d'Marchés publics Konditiounen fir esou Prozedure mat Sécherheet schafft, mä datt et besser wier, dës Dispositiounen am Gesetz selwer festzehalen. En huet zu dësem Volet dunn eng Textpropos gemaach, déi esou vun der Kommissioun och akzeptéiert gouf.

Op engem anere Punkt huet d'Kommissioun de Conseil d'État net suivéiert, nämlech op deem, deen den Intitulé ugeet. Hei sot déi héich Kierperschaft, et soll een am Intitulé vum Centre pénitentiaire vu Schraasseg schwätzen, an net vum Centre pénitentiaire du Luxembourg, an dat opgrond vun de Gesetzer vum 13. Juli 1992 a vum 27. Juli 1997.

Mir kruten doropshin awer d'Informatioun, datt de 27. Juli 1997, Här President, an der Chamber zwee Gesetzer iwwer Prisonge gestëmmt goufen. Dat eent «autorisant le chantier d'extension du Centre pénitentiaire de Schressig», an et ass och dat Gesetz, op dat de Conseil d'État sech berëfft. Dat anert Gesetz, wat deen Dag gestëmmt gouf, ass d'Loi portant réorganisation de l'administration pénitentiaire, an do seet den Text am Artikel 1 ganz kloer: «L'administration pénitentiaire comprend: a) un secrétaire général, b) le Centre pénitentiaire de Luxembourg comprenant une section «hommes», une section «femmes» et une section médicale spéciale, c) le Centre pénitentiaire de Givenich.»

Mir hunn dunn aus dëse Grënn an der Kommissioun décidéiert, fir hei dem Conseil d'État net ze suivéieren a beim initialen Text vum Intitulé ze bleiwen.

Här President, erlaabt mer, dass ech ofschléissend nach kuerz op dee finanzielle Volet aginn. Dës extrem néideg Mesuré kaschten dann och e ganze Pak Geld. Et si ronn 16 Milliounen Euro virgesinn. Dobäi kommen nach all Joer Frais de consommation vu 17.774 Euro an den Entretien vu 438.000 Euro. Dës Frais de consommation a Frais d'entretien sinn als Zousazkaschten zu deene schonns bestehende Käschten ze gesinn. Si kommen also nach do derbäi. Dat alles si schonns, géif ech soen, bedeiend Montanten, mä si sinn absolut noutwendeg, fir d'Sécherheet am a vum Prisong ze garantéieren.

Dat gesot, Här President, bieten ech d'Chamber dëse Projet, dee jo eng gewëssen Urgence awer huet, an där proposéierter Form dann och ze stëmmen. Ech soen zum Schluss Merci fir d'Nolauschteren a bréinge selbstverständlech den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien.

» **M. le Président.**- Merci, Här Clement. Éischte Riedner ass den honorabelen Här Xavier Bettel. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Här Clement Merci soe fir säi schrëftlechen a säi mëndleche Rapport. Ech wëll och der Madame Brasseur Merci soen, dass si mer d'Méiglechkeet hei gëtt, fir iwwert de Projet ze schwätzen.

Déi verschidde Punkten, déi den Här Clement elo soulevéiert huet, déi och amélioréiert ginn, si selbstverständlech och ganz wichteg. Et sinn awer verschidde Punkten, wou ee muss awer insistéieren iwwerhaupt iwwert d'Philosophie vun esou engem Projet. Den Text seet et selwer, «relatif à la modernisation du dispositif de sécurité».

Dispositif de sécurité, dat koum no der Evasioun vum Nuka Kujtim. Dunn ass gesot

ginn: „Elo muss am Prisong iergendeppes änneren a mer müssen e méi séchere Prisong kréien“. Dat heescht, et gëtt ëmmer reagéiert. Et gëtt net agéiert, et gëtt reagéiert vis-à-vis vun enger Situatioun, déi mer haten. Erënnert lech: Den Här Kujtim wor deen Här, deen dräimol iwwer sechs Meter Mauere gesprong war ouni Hëllef vu baussen, wou awer duerno erauskomm ass, dass et jo eng kleng Maierche war, wou en eriwwegeklomme war. An dat heescht, dass egal ween - an ech mengen, mir si jo mam Här Minister, mam Här Kommissiouns-president dohinner gaangen -, egal wee vun der Kommissioun hätt kënnen iwwert déi Maierchen a Porte coulissante eriwwerklammen.

» **Plusieurs voix**.- Ohhh!

» **M. Xavier Bettel** (DP).- Also, esou schwéier war et net.

(*Brouhaha général*)

Dat war jo och dat, wat am Ufank gemengt gi war, wéi dunn erauskomm ass, dass do de Prisong, ech wëll net soen, e Gruyère war, mä dass et awer verschidde Lacunë géif ginn um Niveau vun der Sécherheet an dass een do misst dann ebe Bobbo-Thérapie maachen, fir ze kucken, d'Sécherheet ze verbesseren, an et ass selbstverständlech dat, wat den Här Minister deemools gesot hat, dass deen Här einfach esou iwwer, wéinst senger Arméisformatioun an Albanien, näischt domadder ze dinn hat an dass et just eng Saach ass vu Kucken.

An et kann ee sech d'Fro stellen - wann ech elo provokativ wär, Här Wolter, well Der mech jo och hei gär provoziéiert -, ob den Här Kujtim elo gefrot ginn ass, ob déi Moossnamen duerginn. Et kéint ee jo kucken, wéi laang en et aushält, bis hien och nees dobaussen ass.

Op jidde Fall, et si verschidde Punkten, déi hei wichtig sinn. D'Kamerae si wichtig. Mir hu jo gesi bei där leschter Evasioun: Esoubal Niwwel do ass, ginn d'Kameraen net. Et huet een den Här Kujtim net kënne gesinn, well Niwwel do wär. An ech hoffen, dass eis déi dote Kameraen dann au point de vue Niwwel wäerten hëllefen.

Eng Protection anti-hélicoptère ass wichtig. Et ass a ganz ville Länner gesi ginn, dass mat engem Helikopter ee fortkomm ass, a mer sinn och frou, dass dat gemaach gëtt. D'Fro, déi ee sech awer muss stellen, dat ass déi iwwer: «d'y installer un brouilleur de téléphone portable».

Här President, ech insistéieren: De 14. Dezember 2004 hat ech meng éischt Question parlementaire N°212 un den Här Frieden gestallt, well deemools hat den Här Frieden am Dezember 2004, also viru kenge véier Joer, mä viru méi wéi dräi Joer op RTL gesot, dass hien déi Woch virdu Mesuré geholl hätt, fir dass am Prisong net méi kënnt telefonéiert ginn - Dezember 2004! Den Här Minister huet mer deemools geäntwert, et géif mech näischt ugoen, wat hie gemaach hätt, well dat wier fir d'Sécherheet am Prisong.

(*Hilarité*)

De 6. Januar 2005 hunn ech dunn awer nees eng Fro misse stellen, well den ILR do, wéi et schéngt, jo gesot hat, et misst een eng extra Autorisatioun froen, fir esou ee Brouilleur ze installéieren.

Dunn huet den Här Frieden, den Här Minister, mer geäntwert: «Afin d'assurer le principe susénoncé, j'ai décidé de faire installer au CP un système d'inhibition de téléphones portables qui bloque les communications émises ou reçues par ces téléphones.» Hien huet och gesot: «Pour des principes de sécurité publique, il est expressément prévu par la loi sur les télécommunications qui prévoit que lorsque la sécurité publique l'exige le Gouvernement peut interdire en tout ou en partie la fourniture d'un service de télécommunications.» An dann: «La phase d'expérimentation technique du nouveau système est prévue à partir de fin mars 2005.» März 2005! Mir sinn nach net März 2008, awer net ganz wäit ewech dovunner.

Dunn, den 31. Oktober 2006, d'Question parlementaire 1382, do war d'Fro, wéi et dann elo wier mat deem Service de détection, d'inhibition vun de GSMen. Dunn huet den Här Minister mer geäntwert: Mir haten ee bestallt, mä deen hu mer probéiert, mä dee geet net, an do si mer net zefridden. A seng Äntwert ass: «N'étant pas technicien, je ne peux avancer le délai dans lequel un système de brouillage des communications GSM pourra être installé.» Dat war keen „mea culpa“, hei waren et d'Techniker.

Mä ech soen dann dem Här Wiseler Merci, deen haut dëse Projet de loi installéiert, deen dann dem Här Frieden wäert entgéint-

kommen, fir dass och elo endlech dee Brouilleur vun Handyen an de Prisong kënnt. Firwat e Brouilleur muss kommen, dat war, dass e ganzen Dossier vun Dealereen aus dem Prisong organiséiert gi sinn. Dat heescht, et ass een Här aus dem Prisong, deen ee ganze Réseau vun Dealereen organiséiert hat an dee vu Schraasseg aus seng Konten dobaussen alimentéiert huet, andeems hie säi Réseau vum Prisong aus organiséiert huet. Eng éischt Saach, déi schonn zimlech penibel ass.

(*Interruption*)

Op jidde Fall et ass gaangen. Vun do aus hat hie säi Réseau. Hien hat éischstens e Réseau, fir seng Drogen ze verkafen, an hien hat e Réseau fir den Handy, also op jidde Fall hat hien en duebele Réseau.

Dunn, zweetens, an engem Dossier, wou een aus dem Prisong den Zeien ugeruff huet a se erpresst huet a gesot huet: Wann s du muer eppes sees, da finito, basta! Dat geet net! An engem Prisong ass et selbstverständlech net normal, dass ee mat engem Handy telefonéiere kann. Ech si frou, dass vun Dezember 2004 un, do soll een dann awer och d'Wourecht soen, bis elo den 29. Februar 2008...

(*Interruptions*)

...pardon, den 29. Januar 2008, awer elo de Brouilleur installéiert gëtt. Et huet laang gedauert, mä bon, et si verschidden...

(*Interruption*)

» **M. Patrick Santer** (CSV).- Här Bettel, et schéngt, wéi wann Dir net an der Commission juridique waart. Mir hunn eewer e puer Mol doriwwer diskutéiert, souguer sur place. Mir kruten déi technesch Erklärungen, an et geet net esou, wéi wann een einfach kéint hei soen, den Här Justizminister hätt näischt gemaach. Mir kruten technesch Erklärungen, firwat dat geschitt ass oder firwat deen Dossier esou laang gedauert huet, well verschidde Systemer installéiert goufen an net fonctionnéiert hunn, well een do gesondheetlech Risiken oder well een do technesch Problemer huet, net datt d'Gemeng Sandweiler...

» **M. le Président**.- Här Santer, wollt Dir eng Fro stellen? Den Här Bettel huet am Moment d'Wuert.

» **M. Patrick Santer** (CSV).- Dofir froen ech mech, firwat, ob den Här Bettel iwwerhaupt an deene Kommissioun war oder huet hien do mam Handy...

(*Nuisances sonores dues à un téléphone portable*)

» **M. Xavier Bettel** (DP).- Ären Handy ass och amgaang ze schellen.

» **M. Patrick Santer** (CSV).- Neen, et ass net mäin.

» **M. Xavier Bettel** (DP).- Här President, ech wëll just dem Här Santer awer elo soen, dass an deem heite Fall vun Dezember 2004 bis Januar 2008 keng puer Wochen, keng puer Méint, mä e puer Joer dertëschent sinn! A wann de Minister kann am Dezember 2004 soen, dass hien d'Material scho bestallt huet, da soll hien net dat soen a sech engagéieren, dass hie schonn d'Material huet, dass en dat géif combattéieren. Vun Dezember 2004 bis elo ass en Délai gelaf, da kënnegt een net à effets de manches un, ech hunn de Problem am Grëff an ech wäert géint déi Handyen am Prisong Mesuré fannen, wann dat awer bis de Januar 2008 dauert.

Da sinn do och nach déi aner Punkten, déi wichtig sinn. Mä, wéi gesot, ech kréien hei d'Wuert «ridicule» gesot. Ech muss lech soen, wann ech d'Äntwert vun der Question parlementaire vun Dezember 2004 kucken, déi ass ridicule, Här Santer! Well et soll een net eppes ukënnegen - ech nennen elo keng aner Beispiller, mä dat doten ass elo ee Beispill -, dass een d'Affär am Grëff huet, dass ee wëllt direkt remédiéiere vun Dezember 2004 bis Januar 2008. Mä d'Wourecht deet wéi.

Wat mech awer elo stéiert, Här President, an ech wëll dat zur Konklusioun soen, mir wäerten och de Projet zwar stëmmen, well hei gëtt an d'Sécherheet investéiert. Et gëtt awer net an de Fong investéiert, et gëtt gekuckt, dass keen aus dem Prisong kënnt, mä ze verstoen, dass mer kucken, dass kee méi an de Prisong zrék erakënnt, wier méi wichtig, andeems ee géif de Leit am Prisong eng Formatioun ubidden, fir dass se dobaussen och nees eng Aarbecht kréien. An ech hunn et och scho virdu gesot bei der Gewalt: Wann een de Leit eng Perspektiv gëtt an de Suivi assuréiert, wa se géifen erauskommen, da wier hinne grad esou vill gehollef wéi amplatz ze kucken, dass keen erauskënnt.

Dat heiten ass wichtig. Et si wichtig Mesuren, et sinn nach aner, déi dobäi sollte kommen, wéi eng Kommunikatiounspolitik bei engem Ausbroch. Mat där heiter Augmentatioun vum Budget an Amélioratioun wäert et selbstverständlech méi schwéier sinn, vu Schraasseg fortzelafen. Wann elo nees een eng Kéier d'Méiglechkeet huet, fir erauszekommen, da wäerte mer herno nees soen: Wat maache mer dann elo, fir nees de Prisong méi sécher ze maachen? Mä et soll een awer och d'Leit dobaussen informéieren. Den Här Halsdorf - Erënnert lech! - hat jo gesot, wéi déi Problemer mam Waasser waren, et wier jo net schlëmm, wann d'Leit e bësse krank wäeren, mä iwwer SMSen wier et méiglech...

» **Plusieurs voix**.- Oooohhhhh!

» **M. Xavier Bettel** (DP).- Ma ech weess, et deet wéi, mä et ass awer esou gewiescht.

...iwwer SMSen, dat wier eng Méiglechkeet, de Leit Bescheed ze soen. Den Här Schiltz hat dat schonn ugekënnegt. Mir waarden haut nach ëmmer drop, dass esou e Projet duerch ass, dass een d'Leit och informéiere kann: Et ass do eppes geschitt!

Dir wësst et jo selwer, wéi et gaangen ass: Den Nuka Kujtim ass fortgelaf, d'Police huet Barragé gemaach, si wossten net, wien den Nuka Kujtim wier. Si hate keng Foto vum Nuka Kujtim. Si stoungen op der Strooss ze froen: Sidd Dir den Nuka Kujtim, jo oder neen? A wann déi Persoun dann e jugoslaweschen Accent gehat hätt, dann hätt et kënne vläicht louche sinn. Kommt mir halen op! Dat heescht d'Kommunikatiounspolitik muss och seriö gemaach ginn!

Ech soen, dat dote sinn Amélioratiounen, déi wichtig sinn, mä kommt, een „mea culpa“ deet heiansdo gutt an Dir sollt lech am Spigel heiansdo kucken.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien.

» **M. le Président**.- Merci, Här Bettel. Den honorabelen Här Diederich huet elo d'Wuert.

(*Interruptions diverses*)

Här Hauptert, et ass den Här Diederich, deen elo d'Wuert huet.

» **M. Fernand Diederich** (LSAP).- Här President, Dir Häre Ministeren, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt emol dem Rapporteur Merci soe fir deen ausféierleche Rapport, deen op all wichtig Punkten agaangen ass, iwwert déi mer an der Kommissioun diskutéiert hunn.

Ech kann net op alles agoen, wat den Här Bettel gesot huet. Et sinn eng Rei Froen, déi sécherlech wichtig sinn, mä awer net op dat zoutreffen, wat mer an dësem Projet - wat e bauleche Projet ass - diskutéiere sollen. Déi virgesinne Mesuré wäerten zu enger gréisserer Sécherheet bäidroen souwuel a wéi ronderëm de Prisong.

Wichtig ass och, dat heimat d'Aarbechtskonditiounen vum Personal verbessert gi wäerten, dat sech besser op seng schwéier Missioun astelle kann, wann déi baulech Moossnamen him eng Rei vu Suerge ewechhuelen.

(*Coups de cloche de la Présidence*)

Och op d'Bild vum Prisong beim Bierger wäerten déi geplangte Mesuren hir Auswierkungen hunn, besonnesch wat d'Akzeptanz vun der Bevölkerung ubelaangt, wann nei Prisongsinfrastrukturen an hirer direkter Noperschaft geplangt an implantéiert solle ginn.

Här President, ech maachen et kuerz. Op d'Noutwendegkeet vun de geplangte Sécherheitsmoossnamen ass de Rapporteur agaangen, hien huet begrënnt, firwat am Laf vun der Zäit eng Rei Mängel festgestallt gi sinn, dass mer müssen drop reagéieren, och wann dat net ëmmer de Leit gefält, mä et ass eng Reaktioun, déi noutwendeg ass, an ech mengen, dass an der Kommissioun an heibannen op alles däitlech higewise ginn ass.

(*Mme Colette Flesch prend la Présidence*)

Meng Partei begréisst op alle Fall déi Mesuren, déi elo sollen duerchgefouert ginn, an ech bréngen dofir hei och den Accord vu menger Fraktioun zum Projet.

» **Plusieurs voix**.- Très bien.

» **Mme le Président**.- Merci, Här Diederich. Elo huet d'Madame Loschetter d'Wuert.

» **Mme Viviane Loschetter** (DÉI GRÉNG).- Jo, Merci, Madame Presidentin

faisant fonction. 16 Milliounen Euro, dovunner nach all Joer plus ou moins eng hallef Millioun Euro fir d'Sécherheet am Prisong. Dee Projet de loi, deen haut gestëmmt gëtt, huet sécherlech seng Accélération fonnt doduerch, dass ee vu ronn 600 Leit deemools ufanks 2007 eben iwwert d'Mauere gesprong ass an eng spektakulär Fuite gemaach huet, déi fir kuerz Stonnen d'Medien an Otem gehalten huet, an dann och eng ganz Rëtsch Leit vun der Populatioun.

Mir denken awer als Gréng, datt d'Sécherheet am Prisong och d'Sécherheet vun de Leit, déi am Prisong sinn, duerstelle soll, dat heescht och dat Liewen, wat déi Leit am Prisong féieren, awer och nom Prisong. A bäi dem Wuert Sécherheet denken ech och, dass dat och d'Sécherheet vun onser Gesellschaft abegräift.

Mir denke ganz éierlech, datt déi Suen, déi 16 Milliounen Euro, plus déi hallef Millioun Euro, déi all Joer nach agesat ginn, a puncto Sécherheet besser investéiert gewiescht wäere fir d'Sécherheet vun onser Gesellschaft, an déi 600 Leit betreffen, an net onbedéngt eng Persoun betreffen, an zwar: 1. an der Preventioun - doriwwer ass virdu jo schonn e bësse geschwat ginn -; mä virun allem och 2. Wat geschitt mat de Leit, wa se aus dem Prisong erauskommen?; 3. virun allem och e spezielle Bléck op ons Jugenddelinquenten, déi och am Prisong sinn.

Dofir hei eng Rei Iddien, wou mir ons virstellen, datt d'batter Noutwendegkeet besteet bei der Sécherheet am Prisong an der Sécherheet fir ons Gesellschaft: 16 Milliounen Euro entre autres hätte kënne gutt investéiert ginn a socio-éducatiivt Personal, wat felt an dësem Domän; sënnvoll Beschäftigung a besser Beschäftegung fir déi Leit, déi am Prisong sinn; Resozialisatiounsprogrammer; Plazmangel, doriwwer wëll ech scho guer net schwätzen; awer och, fir den Encadrement vun all deene Leit virzege-sinn, wa se eng Kéier aus dem Prisong erausginn, wann déi Dier dann och op déi richtig Aart a Weis opgeet a si erauskommen, a mer eigentlech wëllen, datt se eng Récidive vermeiden.

Wat geschitt mat deene ronn 600 Leit, déi mer am Prisong hunn, wa se dann eng Kéier erauskommen iwwert dee richtige Wee? Där kommen der méi eraus aus dem Prisong iwwert dee richtige Wee wéi vläicht een all zéng Joer, deen eng Kéier iwwer eng Mauer spréngt. Wuer gi se wunnen? Wou gi se encadréiert? Wou gi se suivéiert? Wat fir eng Ulafstell hu se? Dat felt eigentlech komplett hei an dësem Land.

Vun de Jugendlechen ass virdu scho geschwat ginn. Mir wëssen, datt mer nach ëmmer eng ganz Rëtsch vu jugendleche Mannerjähregen an onse Prisongen hunn. Muss eng Kéier e Jugendlechen, Här President, aus dem Prisong iwwer eng Mauer eraussprangen, fir datt endlech emol hei e Gesetz gestëmmt gëtt, wat ons jugendlech Mineuren, déi am Prisong sinn, betrëfft?

Dann denke mir och, datt de Wee iwwer Anstalte wéi zu Givenech, wou dann elo an der Aktualitéit eng Kéier driwwer geschwat gëtt, eigentlech e Wee wär, dee scho längst hätt kënne vergréissert ginn, dee scho längst hätt kënne multiplizéiert ginn, an deen och scho längst hätt kënne eng Struktur fir Fraen hunn.

Dat, denke mir, Här President, wäere Sécherheitsmoossnamen, déi laangwiereg wierken, déi sech och gutt géingen amortéieren - wann ech mech esou kann ausdrécken -, an déi de concernéierte Leit zegutt géinge kommen, a virun allem och ons Gesellschaft géinge schützen. Dat ass dee beschte Schutz fir Leit, déi am Prisong sinn, a Leit, déi aus dem Prisong erauskommen. An dat ass dee beschte Schutz fir eng Gesellschaft, déi och mat engem Prisong muss liewen, nämlech datt se versicht, datt deene Leit, déi an de Prisong musse kommen, och eng Chance gebuede gëtt, fir erëm aus dem Prisong uerdentlech erauszekommen.

Fir en Zeechen ze ginn, datt eigentlech dës Regierung an déi virdrun och scho lamentebl versot hunn an dëser Optik a sech elo reduzéieren op e puer Adaptatiounen vun engem Prisong fir awer e ganz décke Batz Suen, wäerte mir carrément géint dëse Projet hei stëmmen.

» **Mme le Président.** - Merci, Madame Loschetter. D'Wuert huet elo den honora-belen Här Mehlen.

» **M. Robert Mehlen** (*ADR*).- Merci, Madame President. 16 Milliounen Euro. Dat kléngt no net vill. Dat si fir eis aner, déi nach e bëssen un d'Frange gewinnt sinn, ronn 650 Milliounen Frang. Dat kléngt da scho ganz anescht. Dat ass en décke Pak, deem hei muss opgewant ginn. Et fänkt un, datt eng Mauer, déi anscheinend an engem miserabelen Zoustand ass, muss erneiert ginn.

Madame President, ech ka mech ëmmer nëmme wonneren. Dat hei ass, wann ech dat richtig gesinn, 1984 a Betrib gaangen. Ech ka mech ëmmer nëmmen driwwer wonneren, wéi séier Gebailechkeeten, oder an deem Fall eng Mauer, sech an e bal bau-fällegen Zoustand versetzt, nodeem datt se dann 20 oder 25 Joer a Betrib war. An ech froe mech, wéi et mat der Surveillance vun der Qualitéit vun de Gebaier beim Stat ass.

Ech stellen déi Fro, Här Minister. Dir hutt an der Zäit oft do op der Bänk gesiess, dunn hu mer emol, mengen ech, driwwer geschwat. Zu Giwenech ass eng Kéier e Gebai gebaut ginn, dat war, wann ech mech gutt erënneren, just siwe Joer a Betrib. Ech hunn et gesinn, nodeem datt et schonn zou-gemaach war. Do huet de Plafong duerchgehaangen. Do ass uewe keng Dier méi op an zou gaangen. Dat war Pfusch vu vir bis hannen, an de Stat huet drop verzicht, fir géint den Entrepreneur, well d'Garantie dé-cennale war nach net ofgelaf, virzegoen.

Hei muss een einfach emol grondsätzlech d'Fro stellen iwwert d'Qualitéit vu verschid-den Aarbechten, déi op Käschte vum Steierzueler gemaach ginn. Ech soen dat och als e Mënsch, deem e bëssen aus der Praxis kënnt. Ech selwer war jo fréier an engem Beruff, wou och mat Bëtong geschafft ginn ass. Ech kennen där Bëtongs-sillonen, déi stinn ewell 30 a 40 Joer, déi nach an engem exzellenten Zoustand sinn; Béton armé. Duerfir kann ech mech nëmme wonneren, datt hei Maueren, déi 24 Joer al sinn, sollen esou schlecht sinn, datt se mus-sen ofgerappt ginn a komplett erneiert ginn. Souwäit zur Qualitéit, wéi heiansdo gebaut gëtt.

Da muss ee sech d'Fro stellen: Muss dee ganze Prisong als Héichséchereheets-prisong ausgebaut ginn? Wäer et net méi richtig gewiescht, eng méi kleng Section wierklech als Héichséchereheetstrakt aus-zebauen, an de Rescht, wat dann d'Per-sounne betrëfft, déi zwar eng komme gelooss hunn, mä déi awer net geféierlech sinn, wou een dann hätt kënne mat méi enger nid-dreger Séchereheetsstuf fueren?

Wat mech stéiert, Här Minister, Dir wësst dat, dat ass, datt dräi déck Posten - dat be-trëfft d'Vidéosurveillance mat 3 Milliounen Euro, dat sinn 120 Milliounen Frang; e Brouilleur mat 2,1 Milliounen Euro; an d'Pro-tection anti-hélicoptère mat 656.000 Euro; dat si ronn 6 Milliounen Euro - sollen iwwer Marché négocié lafen. Ech hu mer d'Sou-missionungsgesetzgebung nach eng Kéier ugekuckt, an ech froe mech: Wäer et dann net weinstens - well bei verschiddene Saache kann een d'Séchereheetsargumenter gëlle loossen - méi richtig gewiescht, wann een awer Minimum eng Soumission restreinte gemaach hätt; dat heescht, verschidde Konkurrenten awer zueneen an Aktioun triede gelooss hätt? Ech mengen, et kann ee jo dann emol kucken, wat deem een oder deem aneren ze offéieren huet.

Ech froe mech jiddefalls, wann Der hei e Marché négocié macht, no wat fir enge Kritären Dir dann déi Firma eraussiche gitt, déi dann do soll zum Zuch kommen. D'au-tant plus, wou de Präs jo schonn hei am Pro-jet steet, ass ee wahrscheinlech an enger schwiereger Position, wann een dat dann nach soll négociéieren. A wou huet Der d'Séchereheet hier bei där Firma, déi zum Beispill d'Kameraen installéiert? Déi mécht dat jo mat Personal, wat déi Leit agestallt huet, wat och net éiweg bei där Firma schafft, wou de Patron wahrscheinlech och net kann d'Hand an d'Feier strecken, ob se alleguer honnertprozenteg dicht sinn iwwert dat, wat se dann iwwert déi Installatiounen do un techneschem Detailwëssen hunn.

Mir a mengem Grupp, Madame President, schéngt déi ganz Argumentatioun do net

esou ganz stéichhaltig ze sinn. Ech muss och soen, datt mer gebrannte Kanner sinn, well mer hunn alleguer a leschter Zäit dee Projet e-go erlieft, dee mat 3 Milliounen Euro ugefaangen huet. Du sollt e mat 7,4 fäerdeg gemaach ginn. Elo hu mer e Projet virleien, ech mengen, och ëm déi 16 Milliounen. Do ass och mat Marché négocié ugefaange ginn. Et ass gesot ginn: Mir kënnen do net anescht fueren. Dat ass esou spezifesch. Mer kënnen dat net ausschreiwen. Mir kënnen och net nach aner Firma mat erun-zéien. Mir si gebrannte Kanner a mer sinn an där Bezéiung op jidde Fall e bësse méi virsiichteg ginn.

Da wollt ech nach e Wuert soen zur Séchereheetssituatioun am Prisong. Et ass ganz kloer, datt d'Surpopulatioun, déi mer de Moment am Prisong hunn, och a sech e Séchereheetsrisiko duerstellt. An da muss ee sech d'Fro stellen: Woufir ass déi Popu-latioun am Prisong esou ugewuess? Mir ginn net fäerdeg, op dëser Tribün déi falsch Drogepolitik vun dëser Regierung a vun deene virdrun unzepangeren.

Wann een - ech hunn emol probéiert dat erauszefannen, mä anscheinend gëtt et keng genee Statistiken doriwwer - kuckt, wéi vill Leit am Prisong sëtzen, déi iergendwéi eppes mat Drogen ze doen haten. Do ge-héiert an éischter Linn och d'Be-schaffungskriminalitéit derzou; dat heescht d'Leit, déi drogenofhängeg sinn, an déi egal wat vu Crimé maachen, fir sech d'Suen ze verschafen, fir kënnen hire Konsum ze finanzéieren. Dann hu mer de Prisong voll sëtzen. Menge Chifferen no wäeren et e Mi-nimum ëm déi 40%, déi eleng aus deem - délictuelen Ëmfeld kommen.

Da muss ee sech d'Fro stellen: Si mer dann net capabel, anescht ze reagéiere wéi just mat Repressioun, aspären, condemnéieren, erausloossen, duerno erëm afänken, an et geet erëm vir um Enn un?

Mir propagéiere scho ganz laang, op d'Er-fahrung am Ausland zrëckzegräifen an eng Drogepolitik hei ze maachen, wou ee wierk-lech medezinesch kontrolléiert a mede-zinesch assistéiert déi Leit en charge hält an hinnen hire Stoff gëtt, woumat, dat huet d'Schwäiz bewisen, d'Beschaffungskrimina-litéit emol weinstens praktesch op null erof-geet.

Madame President, ech hu gesot 16 Mil-liounen Euro ass vill Geld, fir d'Prisonnéier um Ausbroch ze hënneren. Mir sinn awer domat d'accord, well mer de Moment och keng aner Solutioun gesinn, wéi den Equi-pement ze moderniséieren, fir fir d'Séchereheet vun de Leit hei am Land ze suergen.

Et muss een awer d'Fro hannendrun hänken, an domadder wëll ech ofschléi-sen: Wéi vill gëtt gemaach, fir ze verhën-neren, datt Jonker iwwerhaupt an de Prisong kommen?

Mir hunn elo grad eng Debatt virdu gehat. Et muss ee scho ganz vir ufänken, net eréischt mengen herno, wa se der 15 oder 16 oder 18 hunn, da kritt ee se nach ëmer-zunn. Dann ass den Zuch fort. Dat geet effektiv an der Spillschoul schonn un. Wann ee gesäit, datt eppes schifleeft, do ass nach Zäit, fir ze reagéieren.

Wéi vill investéiere mer do, einfach fir ze verhënneren, datt et zu där Kriminalitéit kënnt? Wéi vill investéiere mer, fir deenen, déi erauskommen, déi hir Strof ofgesiess hunn, de Start an en normaalt Liewen ze erméiglechen an ze erliichteren?

Mir waren elo zu Giwenech a mir hu vun deene Leit erzielt kritt, wéi et mat deene geet, déi fäerdeg sinn, déi gesot kréien, hei d'Dier steet elo op, du kanns elo raus an d'Liewen. Déi owes net wëssen, wou se hire Kapp sollen hileeën, wa se schlofe ginn. Esou kann et jo net fonctionnéieren. Da brauche mer eis net ze wonneren, wann d'Récidivitéit esou grouss ass an doduerch d'Populatioun ëmmer erëm méi uwiisst.

Madame President, Strofvollzuch muss sinn. Et däerf een an deem Zesummenhang, den Här Justizminister ass jo och hei, och d'Fro opwerfen, ob mer net ze vill Prisongsstrofe verhänken. Ob et net och géif zum Deel mat anere Strofe goen, déi net direkt am Ze-summenhang mat „am Prisong Strof sëtzen“ sinn. Ech verstinn, d'Séchereheet viru Ver-briecher muss sinn, mä ouni déi néideg Pre-ventioun a Resozialisatioun a Begleedung ass et eng „end-of-pipe“-Politik, déi extrem deier ass a keng eigentlech Léisung vum Problem duerstellt.

Dat gesot, mir wäerten eis bei dësem Projet enthalen, weinst der Aart a Weis, wéi déi Marchéen do gemaach ginn.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix.** - Très bien.

» **Mme le Président.** - Merci, Här Mehlen. D'Wuert huet elo den Här Jaerling.

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Merci, Madame President. Och dem Rap-porteur Merci fir säi Rapport.

Ech ginn hei de Verdacht net lass, dass een, fir an de Prisong eranzekommen, muss international Relatiounen hunn, a fir eraus-zekommen, brauch ee just vläicht eng Leeder. Mä dat ass awer net esou einfach, well eppes hei an der Diskussioun gëtt nämlech vergiess. Bei all deenen Argu-menter, déi hei virbruecht ginn, gëtt ver-giess, dass déi organiséiert international Kriminalitéit eis nach ëmmer sechs Meter viraus ass, egal wéi schnell dass mer sinn.

(*M. Lucien Weiler reprend la Présidence*)

An et gëtt och e bësse vergiess, wa mer iwwer nei Strukture schwätzen, an ech hunn dat elo an der Lescht an der Zeitung awer verfollegt, dass mer da scho Problemer hunn, fir do emol Siten ze fannen, wou dann déi Strukturen och kënne bleiwen, an dass, egal wou mer se da wëllen himaachen, mer da Biergerinitiative kréien oder Leit, déi sech dann do dergéint verwieren a soen, mir hätten elo déi Struktur gär bei den Noper oder hei.

An där ganzer Diskussioun iwwert d'Struk-turen iwwerhaupt feele landesplaneresch Konzepter, déi awer elo - hoffen ech dann - mat där Territorialreform, déi elo soll kommen, awer endlech an där Richtung emol Kloerheet bréngen, fir dass mer net méi esou vill Zäit verléieren. A wann een e Projet kuckt an et seet een, deem huet véier Joer gedauert, esou gëtt et jo awer Projeten, déi vill méi laang gedauert hunn, vill méi laang geschleeft hunn; och aus Ursaachen, déi einfach net vertriebar waren. Och d'Diskussioun iwwert d'Soumissiounen, déi ausgeschriwwen ginn, do ass ëmmer d'Fro: Wéi gi se ausgeschriwwen? Op wat fir eng Aart a Weis gi se ausgeschriwwen?

Weisou ass et effektiv méiglech, dass net nëmme bei engem Prisong eng Mauer, mä och wann ee gesäit, dass mer Lycées techniques hunn, déi no 20 Joer zesum-mefalen, do muss ee sech effektiv Froe stellen, wat do d'Ausschreiwunge waren a wat do de Cahier des charges war. An ech hoffen, dass dat awer och an Zukunft wäert anescht organiséiert ginn an och besser kontrolléiert wäert ginn, scho während dem Of-laf vun den Aarbechten, fir dass dat net méi virkënt.

Well et ka jo net sinn, dass zum Beispill Lycéeën, déi virun 100 Joer gebaut goufen, haut nach fest do stinn, an anerer, déi virun zéng Joer gebaut goufen, schonn ufänken ze wackelen.

Also richtig ass, d'Séchereheet ass e wichtegen Aspekt. D'Resozialiséierung ass selbstverständlech och e wichtegen Aspekt, mä et kann een déi zwou Saachen elo net mateneen an een Dëppe geheien. Dat eent kascht eppes an dat anert kascht och eppes an d'Resozialiséierung fält an en anere Kontext an déi fënnt och net on-bedéngt am Prisong statt, well do d'Struktu-ren net esou do sinn.

Mä et ass awer effektiv esou, dass am Prisong Méiglechkeete si fir eng Weider-bildung, dass am Prisong och scho Leit erauskomm sinn, déi sech spéider am Liewe konnte behaupten, eben doduerch dass se am Prisong eppes geléiert hunn an och erëm op fest Féiss komm sinn. Dat heescht also, et geschitt vill. Et kann een ëmmer soen, et geschitt net genuch, mä op jidde Fall hu mer eng Säit deen néidegen Invest an d'Séchereheet, an déi aner Säit hu mer eng Verantwortung iwwert d'Resozia-liséierung. Dat ass kloer. Mä dat sinn zwou verschidde Saachen an déi soll een net beieneen an een Dëppe geheien.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo fir d'Regierung den Här Bauteminister Claude Wiseler.

» **M. Claude Wiseler**, *Ministre des Travaux publics*. - Merci, Här President. E puer Wuert iwwert déi baulech Aspekter vun dësem Projet. De Justizminister wäert duerno op déi aner Aspekter kuerz agoen.

Ech wëll dem Rapporteur selbstverständ-lech villmools Merci soe fir dee gudde Rapport, déi schnell Aarbecht, déi hei ge-leescht ginn ass an engem Dossier, wou effektiv vun der Regierung gewënscht war, datt en esou schnell wéi méiglech soll duerch d'Prozedure goen, datt mer déi noutwendeg Aarbechten och kéinten esou schnell wéi méiglech ufänken.

E puer Wuert, déi ech wollt iwwert d'Proze-dur soen, well dat jo ee vun deene Punkten ass, deem a verschiddene Rieden opgeworf ginn ass.

Dësen Text gëtt eis niewent deem klassesche Bauprojet an der Autorisatioun, fir déi Investissementer ze maachen, déi

gesetzlech Basis fir Marchés négociés ze maachen aus Séchereheetsgrënn. Ech hunn an der Kommissioun probéiert, esou kloer wéi méiglech ze erklären, firwat mer dat maachen.

Et ass evident, datt, wa mer esou Froe wéi dat hei, wat den interne Kamerasystem ass, wat en eminente Séchereheetsaspekt vum Fonctionnement vun deem Prisong ass, datt et mer do kaum méiglech ass, fir deen als e klassesche Marché public erauszeginn. Well wann Dir an engem Cahier des charges genau beschreift, wéi a wat Der muss wouhinner setzen, an Dir schéckt dat u jiddfereen, dee wëllt an deem Marché matmaachen, oder haauptsächlech u jidd-fereen, deem et wëllt kréien, da versteet jidd-fereen, datt do e Séchereheetsproblem kann entstoen.

Mir hunn also hei e Choix geholl, an den Här Mehlen huet d'Fro gestallt: „Sidd Der da sécher, datt bei dëser Firma net alles eraus-geet?“

Dat, wat mer hei wollte maachen, dat ass déi Risquen esou minimal wéi méiglech halen an de Séchereheetsfacteur esou héich wéi méiglech eropzesetzen. An déi Pro-zedur, déi hei gewielt ginn ass, entsprécht - mengen ech - där Zilsetzung.

Ech wëll awer och soen, datt et net eng Pro-zedur ass, déi einfach hei erfionnt ginn ass, well et eng Prozedur ass, déi an den europäesche Marchés publics duerchaus existéiert. All déi Séchereheetsfroen kënnen iwwert deen do Wee, wat déi europäesch Prozeduren ugeet, gemaach ginn. Mir haten an eiser aktueller Gesetzgebung nëmme stoen, datt déi Séchereheetsfroen, déi vun der Polizei a vun der Arméi gehandelt ginn, haut kënnen iwwert deen do Marchéswee goen.

Mir hunn awer par contre an engem Geset-zesprojet, dee mer déposéiert hu virun engem Joer, relativ prezis deen hei Fall be-schriwwen. Do steet als Proposition dran, datt kann deen Typ vu Marché gemaach ginn „pour les marchés qui servent à la mise en œuvre de moyens techniques particu-liers et confidentiels de recherche d'in-vestigation et de sécurisation lorsque la pro-tection des intérêts essentiels de l'État l'exige“. Ech mengen, dat entsprécht exac-tement deem, wat mer hei wëlles hunn. Dat zu deem Aspekt.

Dann ass gefrot ginn: Wéi sicht Der dat eraus? Mä selbstverständlech gëtt gekuckt, wat fir eng Produiten um Marché sinn a wat fir eng Produiten deem entsprechen, wat am beschten där Situatioun entsprécht, där mer hei wëllen entgéintwierken oder déi mer wëllen an de Grëff kréien. Selbstverständ-lech gëtt virdu gekuckt, wat fir eng Pro-duiten am beschte sinn a wat fir een dee Beschten ass fir déi Situatioun, déi mer elo hunn.

Dann ass eng Fro, déi ech och an der Kommissioun opgeworf hunn, wat am Fong déi initial Fro vum Gesetz war: Brauche mer iwwerhaupt e Gesetz fir dësen Typ vun Aarbechten ze maachen?

Ech kucken elo d'Madame Flesch hei, well si nei Presidentin vun der Commission de l'Exécution budgétaire ass a well dat fir mech als Bauteminister eng essenziell Fro ass, well bei all grouse Bau, dee mer hunn, gi Joer fir Joer Aarbechte gemaach. A wann ech de Cumul maachen, zesummenzielen, wat déi Aarbechten a Schoulgebaier zum Beispill kaschten, wann ech se op zéng Joer zesummerechnen, da kann et héchst-wahrscheinlech virkommen, datt mer do bei deem engen oder bei deem anere Projet och iwwer 7,5 Milliounen leien, wann een einfach de Cumul vun deenen Dépenses annuelles mécht.

Also wäer ech Demandeur, fir wierklech eng Kéier mat lech zesummen ze kucken, wéi mer dat do ugin, well ech ka mer awer net virstellen, datt mer elo bei all grousem Projet an Zukunft sollen higoen an eis Ge-setzgebung iwwer zéng Joer goe loossen, fir d'Réfectionen an d'Reaménagementen ze maachen. Déi Diskussioun, mengen ech, musse mer féieren, fir et an de Grëff ze kréien. Hei versteet een et, well et e Pak vu Sécurisationsmoosnamen sinn, déi elo zur selwechter Zäit a fir deeselwechten Zweck gemaach ginn.

Ech wëll awer nach dozou soen: Mir hunn elo hei de Brouilleur, d'Kamera, d'Entrées-dier, den Drot ronderëm - den Anti-Helikop-terdrot - an ee Pak geholl, et ginn awer elo momentan och nach aner Aarbechten do gemaach. Zum Beispill si mer amgaang, och den Daach frësch ze maachen. Et ginn zum Beispill och eng Rei Kanalisatiouns-aarbechten, Ventilatiounsarbechten, Aar-bechten un der Heizung gemaach, déi elo net heiranner sinn, mä déi ënner «Entretiens courants» lafen. Also, dat si Froen, déi ech wierklech gär an der Kommissioun eng

Kéier gekläert hätt, wéi mer dat sollen zesummen an Zukunft ugoen.

An da soen ech och nach zum Schluss, datt dat net ëmmer esou einfach ass, déi Saa-chen erauszewielen. Et ass virdrun iwwert de Brouilleur geschwat ginn. Et kann een dat elo einfach hei an engem Saz soen: Mä dat ass eng ganz schwiereg technesch Fro, fir dee richtege System erauszewielen, esou datt en honnertprozenteg am Prisong fonctionnéiert an awer guer keng Influenz huet op dat, wat zu Schraasseg an an de Gemenge ronderëm ass. Ech hoffen, datt mer elo déi richteg technesch Léisung hunn, fir datt dat klappt.

An datselwecht - hunn ech virdu gesot - ass bei de Kameraen de Fall. Dat ass och en extrem techneschen Dossier, wou ee muss ganz genau wëssen, wéi dat soll aus- gesinn, wou ee se opriicht, mat wat fir engem System ee se opriicht, wou ee se kontrolléiert, wou een d'Leitunge leet, fir datt se net ufälleg sinn, an esou weider, an dofir brauch een eng ganz genau Descriptioun. Et geet also net hei nëmmen drëm, just innerhalb vun zwou Wochen e puer Ka-meraen opzehänken. Et ass eng ganz aner Technicitéit vum Problem, déi hei besteet.

Ech denken och hei, datt no laangen Aar-bechten, déi gemaach gi sinn, de Cahier des charges elo esou ass, datt mer kom-plett sinn, an datt mer elo do e System hunn, dee performant ass. Och dat huet awer vill Zäit gebraucht.

» **M. le Président.** - Här Minister, den Här Bettel wëllt lech eng Fro stellen.

» **M. Xavier Bettel (DP).** - Ech wollt just froen, ob de Minister mer kéint confir-méieren oder op jidde Fall d'Informatioun emol soen, ob hie mam Här Justizminister gekuckt huet, fir dass d'Personal och eng Formatioun kritt, fir mat deem neie Material ëmzagoen, well si hunn elo zum Beispill eng Maschinn, fir Drogen ze fannen, mä et weess keen, wéi se geet.

Dowéinst, et ass gutt, dass mer Maschin-nen am Budget stëmmen, mä et wier awer och gutt, d'Personal ze forméieren, fir ganz genau ze wëssen, wéi dat Ganzt fonc-tionnéiert.

» **M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.** - Et ass evident, datt, wa mer Installatiounen maachen, och de Leit muss gewise ginn, wéi se mat den Instal-latiounen ëmginn. Ënner wat fir enger Form dat elo hei wäert gemaach ginn, dat kann ech zu dësem Moment net soen, mä dat schéngt mer déi logesch Suite vun der In-stallatioun vun neien technesche Moyenen ze sinn.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister Wiseler. Den Här Justizminister Luc Frieden huet d'Wuert gefrot.

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Jo, Här President, wann Der erlaabt, géif ech just gären zousätzlech zum Kolleeg Bauteminister e puer Punkten opzielen.

Ech hat an deene Joren, wou ech zou-stänneg si fir de Strofzuch, am Fong dräi grouss Ziler an deem dote Beräich. Dat éischt war, méi Plaz ze schafe fir déi wues-send Zuel vu Gefaangenen. Dat zweet war e besseren Encadrement vun de Gefaan-genen ze kréien. An dat drëtt eng besser Sécherheet, dat heescht d'Sécherheet ëmmer ze adaptéieren un nei Erkenntnisser, sief et duerch Evénementer am Ausland, sief et einfach duerch nei Technologien. An ech muss am Fong soen, datt ech déi dräi Ziler erreecht hunn.

Éischstens, méi Plaz. Wéi ech ugefaangen hunn als Justizminister, hate mer ronn 460 Plazen zu Schraasseg. Mir hunn eng Ex-tensioun vu Schraasseg gemaach. Mir hunn haut 600 Plazen. Leider ass an deene leschten dräi, véier Joer d'Zuel vun de Ge-faangenen déck eropgaangen, esou datt mer elo erëm zousätzlech Plaze brauchen. Dofir eis Efforten, fir ze kucken, niewent Giwenech, wat mer ausgebaut hunn, och nach eng aner Infrastruktur souwuel fir Détenué wéi fir Untersuchungsstäfflingen ze fannen. Mir hunn also deen éischte Schratt do gemaach mat der Extensioun vu Schraasseg virun e puer Joer.

Zweetens, méi Encadrement. Dat schéngt mer ganz wichteg. Dofir hu mer an deene leschte Jore wesentlech Ännerunge ge-maach zu Schraasseg. Mir hunn an der medezinescher Betrelung en Accord ge-maach mam Centre hospitalier a mat dem Centre hospitalier neuropsychiatrique, fir souwuel am medezinesche wéi am psychia-tresche Beräich e professionellen Enca-drement vun de Gefaangenen ze hunn. Mir hunn de sozialen Encadrement verstärkt a mir fueren op där Schinn weider.

Am Budget vum Joer 2008, deen elo just vun der Chamber gestëmmt ginn ass, sinn eng Dosen zousätzlech Plaze virgesi fir d'Sozialmataarbechter am Prisong, fir datt och dee sozialen Encadrement vun den Dé-tenuen - der wuessender Zuel un Détenuen - besser ka gemaach ginn.

Ech erënneren un de Projet am Beräich vun der Toxicomanie, de sougenannten „Projet Tox“, wou sech ëm déi Drogenofhängeg bekëmmert gëtt. Gradesou erënneren ech drun, datt mer eréischt virun e puer Joer agefouert hunn, datt am Prisong fir déi Dé-tenuen, déi dat wëllen, Schoul gehale gëtt. An ech erënneren do drun, datt dat eng gemeinsam Initiativ vun der deemoleger Educationsinministerin, der Madame Brasseur, a mir war, fir ze kucken, datt d'En-seignantë konnten an de Prisong deta-chéiert ginn, déi eng exzellent Aarbecht do maachen. Do dobäi hu mer natierlech och d'Personnel de garde an deene leschte Joren an der Zuel erweidert.

Trotzdeem muss een och an de baulechen Infrastrukture méi maachen, an dat ass deen drëtte Punkt: d'Sécherheet. Ech mengen net, hei ass dat e puer Mol gesot ginn, datt dee Projet komm wär no der Evasioun vun engem Gefaangenen. Dat ass falsch! Et ass sécherlech wouer, datt eng Evasioun vun engem Gefaangenen all Kéiers och als Konsequenz huet, datt ver-schidde Sécherheetsdispositifen iwwer-kuckt ginn, mä déi Kameraen ze ersetzen, wat ee vun deenen deiere Punkten an dësem Projet vun der Regierung ass, dat hätte mer souwisou misse maachen, an déi hätte mer och laang virdu missen hunn. Ech soen och, wa mer haut nei Kameraen hei décidéieren, da muss een déi och an zéng Joer erëm eng Kéier iwwerkucken, well d'Technologie nun eemol esou ass; an dat weess ee mat allen technesche Saa-chen, déi een huet.

Dofir, mengen ech, datt dee Projet hei, ech soen dat och als Budgetsminister, effektiv en deiere Projet ass, mä et ass e Projet, deen inévitable ass, wann ee wëllt eng rasonnabel Mooss u Sécherheet hunn. Eise Prisong ass keen Héichsicherheets-prisong, mä et ass e Prisong, wou virun allem an deem baussenzegen Deel vum Prisong op d'Sécherheet, esou wäit wéi méiglech, op maximal Sécherheet gesat gëtt. Dofir sinn och de Gros vun den Infra-strukture grad am Ausseberäich hei, wat d'Sécherheet ubelaangt, gemaach ginn.

Och an Zukunft wäert et Incidenten am Prisong ginn an och an Zukunft kann een net ausschléissen, och mat all dësen Dispo-sitifen, datt et eng Kéier zu enger Evasioun kënnt. Dat beweisen och d'Erfahrungen am Ausland. Et muss ee just ëmmer versichen, e Maximum ze maache fir d'Incidenten, déi och duerch d'Villzuel vun den Nationalitéite vun de Prisonnéier bedéngt sinn, awer och duerch d'Populatioun, déi dauernd wéisst, mä och duerch d'Erfahrung, déi mer aus dem Ausland kennen, musse mer e Maxi-mum u Sécherheet maachen. Ech mengen, dëse Projet dréit dozou bäi, an dofir sinn ech , zesumme mam Bauteminister, all dee-nen Deputéierten aus der Chamber dank-bar, déi dëse Projet stëmmen.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen elo zum Vote iwwert de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 49 Jo-Stëmmen, bei 4 Abstentiounen a 7 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro (par M. Roland Schreiner), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M.

Carlo Wagner), Alexandre Krieps (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum Projet de loi iwwert de Contournement vu Jonglënster. Déi Häre Wagner, Scheuer a Mehlen an d'Madame Loschetter si bis elo ageschriwwen.

D'Wuert huet de Rapporteur vun dësem Projet de loi. Och an dësem Fall ass dat den honorabelen Här Clement.



9. 5764 - Projet de loi relatif à l'aménagement du contournement routier de Junglinster

Rapport de la Commission des Travaux publics

» **M. Lucien Clement (CSV), rap-porteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech stellen lech elo deen éischte vun zwee wichtege Bauprojeten zu Jonglënster vir. Et handelt sech heibäi ëm d'Realisatioun vum Contournement Jonglënster.

Kuerz, wat d'Antécédenten ugeet. De vir-leienden Text ass den 30. August 2007 vum Bauteminister hei an der Chamber dé-poséiert ginn. Knapp ee Mount duerno, de 25. September, huet de Statsrot säin Avis dozou ofginn. Deeselwechten Dag sinn ech vun der Bautekommissioun zum Rapporteur ernannt ginn an an der Réunioun vum 14. November 2007 hu mer eis mam Text an dem Avis vun der héijer Kierperschaft be-schäftegt. Dee virleiende Rapport huet dunn d'Kommissioun an hirer Sitzung vum 17. Dezember 2007 mat enger Abstentioun ugeholl.

Här President, komme mer elo zum Projet, ëm deen et hei geet. Den Text, iwwert dee mer elo sollen ofstëmmen, erlaabt et der Regierung, de Contournement Jonglënster ze bauen. Dëse Projet de loi ass zesumme mam Bauprojet vum neie Lycée zu Jong-lënster ausgeschafft ginn. De Site vum Lycée ass a Proximitéit vum Contournement an et gëtt eng ganz Rei vu Synergien tëschent deenen zwee Projeten. Ech wäert mech am weidere Verlaf vu mengem Ex-posé nach domadder beschäftegen.

Mir wëssen all, datt d'Nationalstrooss N11/E29, déi duerch Jonglënster verleeft, eng ganz wichteg Verkéiersachs tëschent lechternach an eiser Hauptstadt ass; dat souwuel fir deen nationale wéi och fir den internationalen Trafic. Jiddfereen, dee schonns emol zu Spëtzesonnen op dëser Streck ënnerwee war, weess, datt et hei normalerweis zu enorme Stauwe kënnt, an dat haaptsächlech op der Héicht vun de Verkéiersluuchten am Zentrum op der Haaptkräizung vu Jonglënster.

Déi folgend Zuele schwätzen do och eng ganz däitlech Sprooch a beweisen zu-gläich, datt de Bau vum Jonglënster Contournement ee vun deene Contour-nementer ass, dee sech förmlech opdrängt. Deemno ass en och net vu Muttwëll. Konnten 1990 en moyenne am Dag 10.810 Autoe gezielt ginn, esou waren dat der 2005 an der Moyenne 15.308. Dréckt een dës enorm Progressioun a Prozenter aus, esou ass dat eng Zounahm vun 41,6% vun der Dagesmoyenne; an dat bannen nëmme 15 Joer.

Dës enorm Progressioun, Här President, huet mat Sécherheet och Ursaachen, oder weinstens verschidden Ursaachen. Eng vun deenen Ursaachen ass déi, trotz ver-schidde Ralentissementer ufanks dësem Jorhonnert, an der Moyenne awer nach ëmmer héich Croissance économique hei zu Lëtzebuerg. Dëse Gott sei Dank héije Wirtschaftswuesstum bréngt awer mat sech, datt eis Wirtschaft ëmmer méi muss op Frontalieren zrëckgräifen, déi eben ënner anerem och aus dem Raum Bitbuerg iwwer lechternach an iwwer Jonglënster an d'Stad oder soss anzwousch an d'Land fuere mussen, fir ze schaffen.

Eng zweet Ursaach ass deen dach awer nach héije Wuelstand hei am Land, wat jo a sech ze begrëissen ass. Well et ass net

selten, datt dat och mat sech bréngt, wat ech elo soen, datt an enger Famili et méi Autoe gëtt, wéi et Führerschäiner gëtt. Och dat ass eng Ursaach vun ëmmer méi Ver-kéier.

Här President, de Contournement fänkt öst-lech vu Jonglënster op der Kräizung N11/CR121, déi an e Kreesverkéier ëm-gewandelt gëtt, un, verleeft da Richtung Süden, ëmfiert de Quartier Reiland laanscht de Plateau Heed. Duerch e Viaduc vu 430 m Längt gëtt den Dall vun der Schwaarzer Ernz iwwerbréckt. Duerch e Rond-point gëtt dann d'Zone d'activités Laangwiss un de Contournement ugeschloss. Duerno verleeft dann den Tracé ënnert der N11 erduerch, fir dann zum Schluss an der Entrée vu Gon-nereng op den Tracé vun der N11 ze kommen.

D'Gesamtlängt vun dësem Contournement sinn 3.860 m. Konform mat der Europäe-scher Konventioun zu de groussen interna-tionale Verkéiersachse sinn zwou Bunne vu jee 350 m Breet virgesinn, souwéi zwou Sécherheetsbandë vu jee 70 cm, a Rand-sträife vu jee 2,50 m breed. Laut de Pläng gëtt fir esou eng Streck eng Vitesse vu 70 km/h virgesinn.

Insgesamt entstinn duerch de Contour-nement sechs verschidde Bauwierker: éischstens emol eng Passerelle iwwert d'Na-tionalstrooss; en iwwerdeckten Deel ënnert der RN11; e Viaduc iwwert den CR129, iwwert d'Aessebaach; e landwirtschaftleche Wee an e Vëloswee; e Passage iwwert den Échangeur West, a schlussendlech e Passage fir eng Vëlospist.

Wéi ech schonn ufanks gesot hunn, ass dëse Projet zesumme mat deem vum neie Lycée Jonglënster ausgeschafft ginn. Et gi folglech och enk Verbindungen tëschent deenen zwee Projeten, notamment am Beräich vun der Evakuatioun vum Waasser. E kontrolléiert Oflafe vum Reewaasser ass um Terrain vum Lycée wéinst der geolo-gescher Beschaffenheet net méiglech, esou datt d'Reewaasser bis un de Rand vum Lycéesterrain evakuéiert gëtt an do mat deem vum Contournement zsummeleeft. E gemeinsam Réckhaltebecken, dat zum Projet vum Contournement gehéiert, stellt sécher, datt d'Waasser kontrolléiert an net ze séier offléisst.

Här President, ech wëll op dëser Plaz net ze vill op déi dach méi technesch Aspekter agoen. Déi Leit, déi dat wierklech interes-séiert, kënnen dat mat Sécherheet am Rapport noliessen, a wann net, am Exposé des motifs vum Projet de loi.

Erlaabt mer nach kuerz op den Aspekt vum Ëmweltschutz anzegoen. Tëschent Mee 2003 an Dezember 2004 war de Projet vum Contournement zu Jonglënster Objet vun enger Impaktstudië op d'Ëmwelt an d'Mën-schen. Während dëser Zäit ass erëm Récksprooch gehale gi mat den Experte vum Umweltministère respektiv vun der Administration des Eaux et Forêts. Esou ass et zum Beispill zu enger Modifikatioun vum initiale Projet komm, fir wäertvoll Biotopen ze erhalen. Dës Modifikatioun kann een als akzeptabele Kompromëss tëschent Ëmwelt-schutzmoossnamen an Intérêts routiers be-zeechnen.

An dësem Kontext ass och eng Etüd zu den Nuisances sonores, also de Schied duerch Kaméidi, gemaach ginn. Et ass virgesinn, datt schonns während der Bauphas am Norddeel vum Tracé e Wall aus Buedem soll dohinner kommen, fir esou dem Kaméidi, deen duerch de Chantier entsteet, entgéint-zewierken. Definitiv Antikaméidismooss-name sinn och virgesinn, soubal de Chan-tier ufänkt tëschent Gonnereng a Jong-lënster selwer. Den Haaptdeel vum defini-tiven Tracé ass mat dësen Antikaméidis-moossname versinn.

Des Weidere gëtt déi bestehend Transi-strooss, déi duerch Jonglënster selwer féiert, vun dräi Bunnem op zwou Bunnem zrëckgefuert. Hei gëtt e Gréngsträifen aménagéiert, fir d'Strooss vun der Vëlospist ze trennen. All dës Mesuré wäerte mat Sécherheet d'Liewensqualitéit vun den Awunner vu Jonglënster ganz zolidd ver-besseren.

Den 23. Januar 2006 huet den Ëmweltmi-nister säin Accord zu dësem Projet ginn, an dat op Basis vum Naturschutzgesetz vum 19. Januar 2004. Heizou wier nach ze soen,